

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, den 29. Juni 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Wéi et am Artikel "*Luxemburg als Reformverlierer*", deen den 18. Juni am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, en vue vun dem vun der amerikanescher Regierung gefuerderte, weltwäite Mindeststeiersatz vu 15 Prozent fir grouss Entreprises heescht, géif Lëtzebuerg no enger Etude vun "Oxford Economics" an Europa, nieft Holland an Irland zu de grousser Verléierer vun dëser Reform gehéieren. No dëser Etude gi 26 Prozent vun eisem Bruttoinlandsprodukt duerch multinational Konzernener erzeegt a 15 Prozent vun eise Steierrecettë komme vun den Entreprises. Déi zitéiert Etude gesäit an der geplangter Reform, fir eis Land duerfir besonnesch eng Gefor fir d'Stabilitéit vun de Staatsfinanzen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Wéi beurteelt d'Regierung d'Resultater vun dëser Etude?
- 2) Steet d'Regierung am Austausch mat eisen hollänneschen an irlésche Partner, déi eng änlech Steierpolitik verfolge wéi mir, an duerfir méiglecherweis änlech Interesse verdeedegen?
- 3) Wéi et ausserdeem am Artikel "Switzerland plans subsidies to offset G7 corporate tax plan", deen den 11. Juni an der "Luxembourg Times" publizéiert gouf, heescht, préift d'Schwäiz am Moment d'Méiglecheet, dës Mindeststeiersatz ënner anerem duerch besonnesch Ofschreibungsméiglecheeten ze ëmgoen. Gesäit d'Regierung heiran och e potenziell gangbare Wee fir Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 839x55014

Luxembourg, le 28 JUIL. 2021

Concerne : Question parlementaire n° 4574 du 29 juin 2021 de Monsieur le Député Roy Reding concernant la taxe mondiale sur les multinationales

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA



Äntwert vum Här Finanzminister Pierre Gramegna op d'parlamentaresch Fro n°4574 vum 29. Juni 2021 vum Här Deputéierten Roy Reding iwwert d' « Taxe mondiale sur les multinationales »

D'Prinzipien vun der Reform vum weltwäite Mindeststeiersaz vun 15% sinn am Kader vun der G20-Reunioun vun de Finanzministeren, den 10. Juli approuvéiert ginn. Lëtzebuerg begréisst dësen Accord well en zu méi Steiergerechtegkeet féiert.

Den honorabelen Deputéierten erwänt an senger parlamentarescher Fro d'Etude vun "Oxford Economics", no där Lëtzebuerg zu de Verlëierer vun dëser Reform gehéieren kéint.

Dozou sief gesot, wéi d'Auteuren vun der Etude et och selwer schreiwen, datt et momentan schwiereg ass eng präzis chiffriert Estimatioun vum Impakt vun dëser Reform ze maachen.

Éischtens, ass d'Negociatioun vun der Reform nach net komplett ofgeschloss an e gewëssen Deel vun den techneschen Parametere bleift nach ze determinéieren an wäert réischt an de nächste Wochen a Méint diskutéiert ginn.

Zweetens, hänkt den Impakt vu sou enger Reform och vum dynameschen Effekt of, also wéi d'Entreprise an d'Länner op sou eng strukturell Reform wäerten reagéieren.

Wat déi drëtt Fro ugeet, sief bemierkt datt eng Subventiounspolitik déi d'Ziel hätt den internationalen Accord "ze ëmgoen", wuel schwéier mat den Bähëllefregelen vun der EU an der Welthandelsorganisatioun ze vereenegen wier.